Question écrite n°1056 - Sujet : Remboursement de la part de l'Union européenne

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Monsieur Pierre Gramegna, Ministre des Finances
Date limite de réponse à la question : 14-05-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
14-04-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
14-05-2015	Délai de réponse dépassé	
15-05-2015	Réponse écrite de Monsieur Pierre Gramegna, Ministre des Finances	Document écrit de la réponse

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 AVR. 2015
1056

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg soll vun der EU ongefeier 90 Milliounen Euro zeréckbezuelt kréien. Dowéinst wollt ech dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Finanzminister dës Informatioun confirméieren?
2. Wa jo, wéini an a wéi enger Form soll Lëtzebuerg déi Sue kréien?
3. Huet dëse Remboursement Inzidenzen op eis zukünfteg Contributiounen zum EU-Budget?
4. Wéi ginn déi Sue budgetiséiert?
5. Zu wéi engem Zweck solle si der Regierung hirer Meenung no benotzt ginn?
6. Wëll d'Regierung der Chamber e Projet de loi virleeën, fir dat d'Chamber kann decidéieren, wéi déi Sue sollen affectéiert ginn?
7. Oder mengt d'Regierung, fräi iwwer dës Zomm kënnen ze verfügen, ouni d'Kontroll vun der Chamber?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 MAI 2015

Luxembourg, le 15 MAI 2015
Réf. N° 80cxed7c8

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le: 18 MAI 2015	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
43 boulevard Roosevelt

L-2450 LUXEMBOURG

Objet: Question parlementaire N°1056 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma meilleure considération.

Pierre Gramegna

Ministre des Finances

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-82715
Fax: (+352) 46 62 12
Adresse postale
L-2931 Luxembourg
e-mail: Ministere-Finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000063 20090325 FR

Äntwert vum Haer Finanzminister Gramegna op d'parlementaresch Fro n° 1056 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser vum 13. Abrëll 2015 iwert déi ongefeier 90 Milliounen Euro dei Lëtzebuerg soll vun der EU zeréckbezuelt kréien

Als Äntwert op dem honorabelen Deputéierten seng Fro kann ech confirméieren, dass Lëtzebuerg vun der EU 93.665.379,48 EUR zeréckbezuelt krut. Dëse Remboursement ass an 2 Etappe geschitt :

Den 1ten Dezember 2014, ee Montant 66.930.524,44 EUR, deen awer kompenséiert gouf mat engem Montant vun 27.287.607,77 EUR, dee Lëtzebuerg der EU op deem Dag ze bezuelen hat, sou dass der Staats-Trésorerie een Netto-Montant vun 39.642.816,67 EUR iwwerwise ginn ass.

Den 1te Februar 2015, ee Montant vun 26.734.855,04 EUR, deen am selwechte Sënn och erëm kompenséiert gouf, allerdéngs mat engem Montant vun 80.344.190,35 EUR, dee Lëtzebuerg der EU op deem Dag schëlleg war, sou dass d'Staats-Trésorerie just 53.609.335,31 EUR iwwerwisen huet.

Dës Operatioune versti sech am Kontext vun der Contributioun vu Lëtzebuerg zum Budget vun der EU, dee jo, ënnert anerem, iwwert een Deel vun den TVA-Recetten vun de Memberlänner gespeist gëtt.

Am Aklang mat de Regelen, déi am modifizéierte Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Comptabilitéit an d'Trésorerie vum Staat festgehale sinn, gouf den 1te Montant op 2014 verbucht, an deen 2ten op 2015. An Uwennung vum Prinzip vun der Universalitéit vun de Recetten an den Dépensen, deen am Artikel 4 vun deem Gesetz festgehalen ass (« L'ensemble des recettes s'applique à l'ensemble des dépenses »), sinn des Suen an de Staatsbudget vun de Joren 2014 an 2015 mat agefloss. Et bleift ze notéieren dass 10% direkt de Gemengen zegutt komm sinn, durch d'Applicatioun vun de Regelen iwwer d'Opdeelung vun den Netto-Recette vun der TVA.

D'Regierung huet keng Informatiounen déi drop hindeite géifen, dass dëse Remboursement eng Inzidenz hätt op eis zukënfteg Contributiounen zum EU Budget.